LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 16 février 2021

REÇU
Par Alff Christian , 15:08, 17/02/2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État et de Madame la Ministre de l'Intérieur à la question parlementaire n°3516 de l'honorable Député André BAULER au sujet de l'armorial des communes.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire n°3516 du 27 janvier 2021.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre
Ministre d'État

2, place de Clairefontaine
L-1341 Luxembourg
Tél. : (00352) 2478-2100
Fax : (00352) 46 17 20
Adresse postale :
L-2910 Luxembourg
ministere.etat@me.etat.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel an der Madamm Inneministesch Taina Bofferding op d'parlamentaresch Fro n° 3516 vum honorabelen Deputéierten André Bauler iwwert den « armorial des communes ».**

**Wéi dacks ass an de leschte Joren déi heraldesch Kommissioun zesummekomm, fir fusionéiert Gemengen an deem präzisen Zesummenhang ze beroden?**

D'heraldesch Kommissioun ass am Ganzen zweemol zesumme komm, an zwar fir d'Gemengen Tandel a Schengen.

**Wat fir eng Gemengen hu sech zanter 1970 - no der Fusioun - en neie Wope ginn? War dat op hir eegen Ufro hin oder huet déi heraldesch Kommissioun selwer e Virschlag gemaach?**

Sechs Gemengen hunn sech no der Fusioun, op eegen Ufro hin, en neie Wope ginn: Tandel, Schengen, Wëntger, Rammerech, Uewersauer, Jonglënster.

**Wéi gesäit déi genee Prozedur aus, déi et ze respektéiere gëllt, fir en neie Wopen z'entwerfen an definitiv op nationalem Plang ze verankeren?**

Entweder d'Gemeng presentéiert selwer en Entworf oder d'heraldesch Kommissioun mécht en Entworf fir d'Gemeng, dee vum Gemengerot muss ugeholl ginn.

Duerno muss d'heraldesch Kommissioun en Avis zum Entworf ofginn.

Wann den Avis vun der heraldescher Kommissioun positiv ass, gëtt de Wopen duerch en Arrêté ministériel vum Staatsminister agreéiert, deen am Journal officiel publizéiert gëtt. D'Nationalarchive kréien duerno eng Zeechnung als Dokumentatioun.

**Wat ënnerscheet, rechtlech gesinn, de Wopen vum Logo? Ass de Logo genee sou „offiziell" wéi ee Wopen?**

E Wopen ënnerscheet sech, rechtlech gesinn, vun engem Logo just op Grond vun der Prozedur, fir dësen z'entwerfen an nidderschreiwen.

Bei der Beschreiwung vun engem Wope muss nämlech e spezielle Vokabulär benotzt ginn, deen heraldesche Reegelen ënnerläit. De Wopen däerf nëmmen aus e puer bestëmmte Faarwe bestoen, an dat Ganzt muss an eng Rumm (Schëld genannt) gesat ginn.

Dem Logo seng Beschreiwung ënnerläit kenge Reegelen, all d'Faarwe sinn erlaabt. De Logo gëtt vun de Gemengenautoritéiten ausgewielt a passéiert net duerch d'heraldesch Kommissioun an de Staatsministère, an e gëtt och net am Journal officiel publizéiert.

Geneesou wéi e Wopen ass e Logo en Emblème, eng „symbolesch Figur", deen dozou déngt, eng Gemeng visuell duerzestellen. An deem Sënn hu béid also en offizielle Charakter a falen ënnert den Artikel 232bis vum Code pénal.

**Ginn et ënnerschiddlech Strofen bei engem net geneemegte Benotzen vun engem Gemengelogo oder engem Gemengewopen?**

Den Artikel 232bis aus dem Code pénal gesäit eenheetlech Strofe vir beim net geneemegte Gebrauch vu Wopen, Fändele, Wopeschëlder, Emblèmen a Symboler, wourënner eiser Interpretatioun no och d'Gemengelogoe falen.